



GEMENG
RAMMERICH

Rambrouch, le 20 septembre 2024

Avis concernant la qualité de l'eau potable

Aux habitants des localités de Folschette et d'Hostert,

Les résultats de l'analyse d'un échantillon d'eau prélevé dans le réservoir de Folschette-Hostert le mardi 10 septembre 2024, et disponibles le vendredi 13 septembre 2024, ont révélé une contamination par des bactéries de la famille des coliformes.

Afin de rétablir la qualité de l'eau dans les plus brefs délais, les procédures recommandées par l'administration de l'eau ont été immédiatement mises en œuvre : chloration de l'eau, rinçage du réseau, nettoyage en profondeur et remplissage du réservoir.


Après ces travaux et les délais d'attente prévus, nous avons pu prélever de nouveaux échantillons dans le réseau le mercredi 18 septembre 2024. Les résultats de cette analyse, qui nous ont été communiqués aujourd'hui, confirment que la qualité de l'eau est désormais conforme aux normes applicables à la consommation humaine. Cette information a été confirmée par l'unité des *eaux souterraines et eaux potables* de l'administration de l'eau. **L'eau peut donc à nouveau être consommée sans crainte.**

Si vous avez des questions concernant les bactéries ou leurs effets sur la santé humaine, vous pouvez les adresser à l'adresse e-mail suivante : **qualité@dea.lu**.

Nous nous excusons pour les désagréments causés par la mauvaise qualité de l'eau et vous assurons que toutes les mesures seront prises pour éviter qu'un tel incident ne se reproduise. Enfin, nous tenons à souligner que la commune est en train de développer le projet de construction d'un nouveau réservoir d'eau.

Le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Rambrouch





GEMENG
RAMMERICH

Rammerich, den 20 September 2024

Matdeelung betreffend d'Waasserqualitéit

Un d'Awunner aus den Uertschafte Foulscht an Hueschtert,

D'Resultater vun der Analyse vun enger Waasserprouf aus dem Waasserbehälter Foulscht-Hueschtert vum Dënschdeg, den 10. September 2024, déi de Freideg, den 13. September 2024, disponibel waren, hunn eng Kontaminatioun mat Bakterie vun der Famill vun de Coliformen nogewisen.

Fir d'Waasserqualitéit esou séier wéi méiglech erëm hierzestellen, goufen direkt duerno déi vun der Waasserverwaltung virgeschloe Prozeduren ëmgesat: Chloréiere vum Waasser, Spulle vum Reseau, grëndlech Botzen a fëlle vum Behälter.

No dësen Aarbechten an de virgesinne Waardezäiten, konnte mir de Mëttwoch, den 18. September 2024, nei Prouwen am Reseau huelen. D'Resultater vun dëser Analyse, déi eis haut matgedeelt gi sinn, bestätegen, datt d'Waasserqualitéit elo erëm den Normen entsprécht, déi fir d'mënschlech Consommation gëllen. Dëst gouf vun der *Unité eaux souterraines et eaux potables* vun der Waasserverwaltung confirméiert. **D'Waasser kann deemno erëm ouni Bedenke consomméiert ginn.**

Falls Dir Froen iwwer d'Bakterien oder hir Auswierkungen op d'mënschlech Gesondheet hutt, kënnt Dir dës op d'Mailadress: qualité@dea.lu schécken.

Mir entschëllegen eis fir d'Onannehmlechkeeten, déi duerch déi schlecht Waasserqualitéit entstane sinn a versécheren Iech, datt mir alles drusetzen, fir ze verhënneren, datt esou ee Virfall sech widderréit. Ofschléissend wëlle mir betounen, datt d'Gemeng am gaangen ass de Projet vum Bau vun engem neie Waasserbehälter auszeschaffen.

De Schäfferot vun der Gemeng Rammerich

